



ZUKUNFT OP LËTZEBUERGESH

WAHLPROGRAMM DP ***IDENTITÉIT A KULTUR***

Pressedossier

Lëtzebuerg ass en Erfollegmodell !

An enger rezenter representativer Ëmfro hu **76% vun de Befroten d'Mesure vun der Regierung fir d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch begréisst**. 73% vun der ganzer Bevëlkerung huet uginn, Lëtzebuergesch am Alldag ze schwätzen, a 65% schreiwen et. Dobäi ass virun allem d'Integratiounsleeschtung vun der Schoul ervirzehiewen. **Vun de 16 bis 24-järege schwätze 94% d'Lëtzebuenger Sprooch**. Duerch d'Notzung vun Lëtzebuergesch am Alldag an an de neie Medien huet eis Sprooch u Bedeitung zougeholl. D'Demande no Lëtzebuergesch-Coursen geet zanter Joren erop. D'Zuel vun den Aschreiwungen ass vun 8.000 am Joer 2013 op 11.000 am Joer 2018 an d'Luucht gaangen. Den Educatiounsministère huet d'Zuel vun de Klassen am INL (Institut des Langues) vun 2017 op 2018 praktesch verduebelt. Dëst weist, dass den Interessi un eisem Land an u senger Sprooch grouss ass. **Lëtzebuerg ass en Erfollegmodell. Eis Sprooch an eis Kultur sinn en Erfollegmodell.**

Als Land eis Hausaufgabe maachen

Tëscht Februar a Mäerz 2018 hunn den Educatiounsministère an de Kulturministère Sproocheronnen organiséiert, bei deenen d'Bierger matdiskutéiere konnten iwuer d'Roller, d'Chancen an d'Perspektiven vun Lëtzebuergesch an der Gesellschaft. De Biergerprogramm, deem dorausser entstanen ass, **bestätegt den Interessi un der Lëtzebuenger Sprooch**. Hei schielen sech awer och eng Rei Beräicher eraus, wou d'Bierger sech wënschen, dass méi gemaach soll ginn. Esou gëtt gefrot, dass an der **Schoul, op der Aarbecht an am öffentleche Raum, d'Lëtzebuergesch méi eng grouss Roll soll spillen**, awer ouni dass dat op d'Käschte vun der gelieferter Méisproochegkeet soll goen.

Zukunft op Lëtzebuergesch

D'Politik vun der DP wëll déi verschidde Bedürfnisser vun de Leit hei am Land beschtméiglech matenaner verknäppen. Fir d'DP heescht et net „entweder ... oder“, ma „**esouwuel, wéi och**“. Déi Approche ass zanter jeehier en Deel vun der Identitéit vun eisem Land, dat och beim Ëmgang mat eiser Sprooch villfalt. D'DP wäert och an Zukunft souwuel op Lëtzebuergesch als Integratiouns- an Alldagssprooch, ewéi och op d'Méisproochegkeet setzen. D'DP wëll déi villfälteg Identitéit vun eisem Land net nëmme fleegen, mee och méi visibel maachen. Et geet eis dorëmmer eis Traditiounen ze erhalen an houfreg op déi verschidde Kulturen hei am Land ze sinn.

Dat ass d'Basis vun Erfollegmodell Lëtzebuerg, mat deem mir d'Land weider an eng sécher Zukunft féiere wäerten.

Lëtzebuenger Identitéit a Kultur, eng Prioritéit fir d'DP

D'DP huet **d'Lëtzebuenger Identitéit a Kultur zu engem vun de fënnf Haaptsaile vum Walprogramm 2018** gemaach. Fir d'DP geet et hei ëm eis gemeinsam Wäerter, eis Geschicht an eis Kultur, déi d'Fundament vun eiser Gesellschaft duerstellen. Lëtzebuerg ass traditiounsbewusst an awer weltopen, schwätzt lëtzebuergesch an ass awer méisproocheg. Wa mir och am 21. Joerhonnert esou bleiwe wëllen, musse mir Akzenter setzen, an eis Sprooch an eis Kultur systematesch fërderen, esou wéi eis Nopeschlänner dat och maachen. D'DP wäert dëst an 6 Beräicher ëmsetzen.

1. Eng systematesch an participativ Sproochepolitik

- D'DP huet an dëser Legislaturperiod, mat der Schafung vun engem staatleche **Kommissär fir d'Lëtzebuenger Sprooch** a mam **Zentrum fir d'Lëtzebuergesch**, d'Basis fir eng systematesch Sproochepolitik fir de gesamte Staat an d'Gesellschaft geluecht.
- De nächste Schrëtt wäert dat participatiivt Ausschaffe vun engem **20-Joresplang** sinn, mat deem de Lëtzebuenger Staat sech kuerz- awer och laangfristeg Zieler gëtt, wat déi systematesch Fërderung vun der Lëtzebuenger Sprooch betrëfft. Dozou wäerte Froe gehéieren, déi de Staat selwer betreffen; wéi d'Notzung vun Lëtzebuergesch duerch d'Verwaltungen oder

d'Beschëlderung vun ëffentleche Gebaier. Den 20-Joresplang wäert awer och Akzenter an der Kultur an an der Gesellschaft setzen. Dofir ass eng participativ Approche wichteg.

- 59% vun de Leit sinn der Meenung, dass d'Diskussioun iwwert de Stelleväert vun der Lëtzebuurger Sprooch Sënn mécht. D'Bierger sollen e **reegelrecht Matsproocherecht** an der Fërderung vun der Lëtzebuurger Sprooch kréien a solle regelméisseg a Biergerforume matschaffen. An där kierzlech geschafener Online-Plattform „*sproocheronn.lu*“, sollen d'Bierger kënne Virschléi maachen an zesumme iwwert de Lëtzebuurger Sproochgebrauch diskutéieren kënnen. D'DP wëll déi direkt Biergerbedeelegung ausbauen. D'DP wäert weider dofir suergen, dass déi aktuell Online-Initiativen am Beräich vun der Lëtzebuurger Sprooch weidergefouert an op enger Websäit zesummegefaasst ginn.

2. E Forum fir d'Lëtzebuurger Gesellschaft a Kultur

- D'DP wäert mat engem **Lëtzebuerg-Haus** eng zentral Plaz schafen, wou eis Identitéit, eis Kultur an eis Geschicht soll dokumentéiert an och diskutéiert kënne ginn. Domadder soll gewässermoossen a „*Flagship-Store*“ vu Lëtzebuerg geschafé ginn, an deem sech alagesiesse Lëtzebuurger, nei Lëtzebuurger an och Visiteure kënnen e Bild vun eisem Land a vu senger Kultur maachen. Hei soll ee Lëtzebuerg kënne gesinn, héieren, upaken a schmaachen. Et soll also kee Musée ginn, ma eng lieweg Plaz, wou een eis Sproochen, d'Musek, de Sport, d'Natur, d'Geschicht, d'Literatur, d'Gesellschaft an eis Kiche kann erliewen. Dëse Forum soll awer och fir gesellschaftskritesch a kontrovers Diskussiounen iwwer d'Erausforderungen vun eiser Gesellschaft genotzt ginn. D'Haus ass geduecht als Spigelbild vun der Lëtzebuurger Identitéit – mat all hire Facetten, hirem Traditioun, hirem Innovatioun an deene passenden, kontroversen Diskussiounen doriwwer.

3. Eise sproochlechen a kulturelle Patrimoine valoriséieren

- Mat dem LOD (Lëtzebuurger Online Dictionnaire) gëtt et e Referenzwierk fir d'Lëtzebuurger Sprooch. Donieft wäert d'DP eng vergläichbar **Datebank mat alen an traditionelle Wierder, Spréch an Ausdréck** schafen, fir dass se net an de Vergiess geroden. Esou kann dee räiche Wuertschatz vun eiser Sprooch als Deel vun eiser Kultur erhale bleiwen.
- Den Educatiounsministère schafft haut schonn un **Applikatiounen an Internetsäiten iwwer d'Lëtzebuurger Kulturgeschicht fir Kanner, Jugendlecher an Erwuessener**, déi wäerte fir d'Rentrée 2018/2019 virgestallt ginn, an am Laf vum Schouljoer an Pilotprojete getest ginn. Op déi Manéier ginn d'Lëtzebuurger Geschicht a seng Kultur promovéiert.
- Vun der nächster Schoulreentrée un, wäert et all Joer en **Dag vum Lëtzebuurger Patrimoine** an eise Schoule ginn. Bei dësem Projetsdag wäerten d'Schoulen sech mat Elementer aus der Geschicht, der Kultur, dem Sport oder der Wëssenschaft beschäftegen a bei Aktivitéite matmaachen, déi zum Patrimoine vun eisem Land gehéieren.

4. D'Lëtzebuergesch fit maachen fir d'21. Joerhonnert

- D'Lëtzebuurger Sprooch huet an der Vergaangenheet och u Bedeitung zougeholl, well ëmmer méi Jugendlecher an Erwuessener eis Sprooch an den soziale Medie gebrauchen. Dobäi wäert sech an Zukunft awer eng Erausforderung stellen. D'Steierung vu Computeren, Tabletten an Smartphonen an alle gesellschaftleche Beräicher wäert sproochgesteiert sinn. D'DP wëll der **Lëtzebuurger Sprooch en Accès an déi virtuell Welt** vun Alexa, Siri & Co. verschafen. Mir wäerten eis dofir asetzen, dass et déi ënnerschiddlech Betriebssystemer, Korrekturprogrammer, Sproochesteierungen, Systemer fir Sproochenerkennung asw, och op Lëtzebuergesch gëtt. Do wou dës Outilen net vum Privatmarché offréiert ginn, muss de Lëtzebuurger Staat seng Verantwortung iwwerhuelen, an esou Systemer entwéckele loossen.

5. D'Lëtzebuurger Sprooch an de sensibele Beruffsfelder fërderen

- Lëtzebuergesch spillt am Beruffsliewen eng ëmmer méi grouss Roll: 68% vun de Leit schwätzen d'Sprooch am Beruffsliewen an 51% notzen se esouguer fir ze schreiwen. Mir wäerten d'Offer u **Lëtzebuergesch-Course** wieder ausbauen, fir dass esouvill Leit ewéi méiglech an alle Beruffssparte Lëtzebuergesch léieren.

- Grad a sensibelen Beruffsfelder, wéi dem **Gesondheetswiesen, dem Alters- a Fleegeberäich, ma och am edukative Secteur** ass et wichteg, dass d'Personal **grondleeënd Kenntniss** am **Lëtzebuergesch** huet. D'DP wäert dofir en Aktiounsplang ëmsetzen, bei deem d'Personal aus dese Secteure prioritär Sproochecoursen ugebuede kritt. Och den Online-Dictionnaire mat **medezinesche Begrëffer** „*med.lod.lu*“ soll weider gefërdert ginn.

6. Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch an der Schoul stäerken

- A **Privatschoulen**, déi vun ëffentleche Sue matfinanzéiert ginn, sollen **obligatoresch Lëtzebuergesch-Coursen** ugebuede ginn. Dëst suergt net nëmmen dofir, datt d'Schüler en Zougang zur Lëtzebuenger Sprooch kréien, mee et fërdert d'Integratioun duerch eng gemeinsam Sprooch. Déi éischt ëffentlech Schoul zu Déifferdeng war e grouss Succès. 2016 konnten esou fir d'éischte Kéier Schüler hei am Land e gratis Accès zu **de Léierpläng vun der Europaschoul** kréien. An dese Schoulen huet d'DP séchergestallt, dass d'Lëtzebuenger Sprooch ënnerriicht gëtt, an och an ausserschouleschen Aktivitéite geschwat gëtt.
- D'DP huet haut schonn an de Lycéeë séchergestallt, dass **Lëtzebuergesch-Coursen als Optiounsfächer** an deene Gebaier ugebueden ginn, wou dono gefrot gëtt. Mir wäerten dës Offer an de kommende Joren weider ausbauen, a bei de Schüler promouvieren.

Conclusioun

An deene leschte Joren huet sech vill geden, fir de Stelleväert vun der Lëtzebuenger Sprooch ze stäerken a gläichzäiteg déi geliefte Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg ze fërderen. Dëst ware wichteg a richteg Schrëtt, op déi déi nächst 5 Joer muss opgebaut ginn. D'DP huet dofir en ambitiöse Walprogramm am Beräich „*Identitéit a Kultur*“, fir esou de Stelleväert vun eiser Sprooch am Alldag, an der Schoul, an der Gesellschaft an am Beruffsliewe ze verdéiwen a fir déi besonnesch Identitéit vun eisem Land méi visibel ze maachen. *Zukunft op Lëtzebuergesch* ass keen *entweder-oder*. Am Géigendeel: Et geet drëm, fir d'Lëtzebuergesch ze stäerken an an engems d'Méisproochegkeet ze fërderen. Dat heescht fir eis Traditiounen ze erhalen an eis Multikulturalitéit ze liewen. Dofir steet d'DP!